Aktiv ginn am Mouvement Ecologique !

Sech engagéieren an engem Projet an hëllefen eppes un d'Rullen ze bréngen !

Et leien nawell beweegte Joeren hannert dem Mouvement, wou eis vill besonnesch zäitintensiv Dossieren beschäftegt hunn: vum Dossier Léiweng an de ganzen Debatten ronderëm déi virgezunne Neiwahlen, d'Europawahlen bis zu den Diskussiounen ronderëm d'sektoriell Pläng vun der Landesplanung, wou mäer ganz ausféierlech Stellung bezunn hunn.

Dat alles verbonne mat der Planung an der Ariichtung vum neien Oekozenter a villes méi.

Enn 2014 gouf och Mecoskop virgestallt, DAT Instrument wat e Gradmiesser vun der Glafwirdegkeet vun der Regierungsaarbecht am Beräich nohalteg Entwécklung ass, an awer och vill Aarbecht fir eis bedeit huet.

Elo wëlle mäer bewosst, vläit e bessje méi wéi an der vergaangene Joeren, eis Aarbechtsweis, eis Strukturen an d'Bedingungen fir den éierenamtlechen Engagement verbesseren. D.h. kucken, eis Kommunikatioun verstäerken, eis Positioune vläit och méi verständlech maachen a virun allem iwwerleeën, wéi mäer besser "nei" Leit an d'Aktivitéiten a Projeten vum Mouvement kënnen abannen.Dëst ouni datt e muss besonnesch Virkenntnisser hunn an och ouni datt dat ze vill Zäit hëlt!

An dësem Info wollte mäer duerfir e puer Iddien an dësem Sënn duerstellen a jiddwer Motivéierte biede sech ze mëllen!

1.

Jonker engagéiere sech am Mouvement: aus den Erfahrunge vu Gruppen aus dem Ausland léieren

En aktive Grupp vu Jonker ze hunn, déi sech autonom engagéieren an awer déi Ënnerstëtzung wou si sech wënschen kréien, ass e besonnescht wichtegt Ziel.

Ma wat motivéiert haut Jonker sech ze engagéieren?

Wéi eng Projeten leien hinnen am meeschten?

Wéi eng Viraussetzunge musse geschafe ginn, datt si sech engagéiere kënnen?

De Geschäftsführer vun der BUNDjugend Gerd Sanders - der besonnesch aktiver Jugendsektioun vun eiser Schwësterorganisatioun aus Däitschland - wäert hier Aktivitéiten virstellen an eis op dës an aner Froen äntwerten.

Leit Iech den Thema um Häerz? Da kommt laanscht op engem labberen Austausch den Donneschden, den 5. März 2014 um 18.15 am Oekozenter Pafendall.

Dës Veranstaltung riicht sech u jiddweren, wou einfach Interessi um Thema huet, ob jonk oder vläit bessje manner jonk vum Alter hier… Opgrond vun der Veranstaltung kucke mäer dann, wéi mäer kéinte virgoen als Mouvement.

2.

Dir sidd interesséiert am Mouvement Ecologique matzeschaffen? Mee Dir wësst net wéi a wou?

Da kommt laanscht op engem labberen Austausch!

Hutt Dir Iech schonn heiansdo geduet: et wär flott bei dëser oder däer Aktioun, Stellungnahm beim Mouvement matzemaachen? Sief et national oder an Ärer Gemeng / Regioun? Oder an engem Beräich wéi dem Naturschutz, der Ëmweltpolitik, der Gesondheet / der Ernährung, der Energie, dem Klimaschutz, der Mobilitéit, der Entwécklung vun eisen Uertschaften…

Ma Dir wosst awer net esou richteg wéi dat kéint ausgesinn? A wéi vill Zäit dat géif verlaangen?

Hutt Dir Iech schonn heiansdo Froen iwwert d'Strukturen / d'Aarbechtsweis vum Mouvement gestallt a ni eng richteg Geleeënheet gehat dat nozefroen?

Hutt Dir vläit och nei Iddien, wou Dir mengt, datt am Mouvement kéinten opgegraff ginn?

Wëllt Dir dem Verwaltungsrot vum Mouvement e puer Iddieën mat op de Wee ginn...

Da kommt einfach bei eis laanscht: mir invitéieren all Interesséierten an engem mi labberen Kader op en Austausch zum Thema:

an zwar den Dënschden, 24. Februar 2015 um 18.30 am Bistro vum Oekozenter Pafendall, 6, rue Vauban, Stad.

Fir datt den Owend gemittlech gëtt, gëtt et e puer Häppecher vum veggie-table Grupp vum Mouvement Ecologique. Duerfir wär et och léif wann Dir Iech géift speitstens 3 Deeg am Virfeld umellen, datt mir och genuch z'iessen hunn: meco@oeko.lu oder rufft un um 439030-1.

Wann Dir deen Owend keng Geleeënheet hutt fir laanscht ze kommen an awer interesséiert sidd, da mëllt Iech bei eis, da fanne mäer en anere Wee fir en Austausch: meco@oeko.lu, tel. 439030-1

Dësen Owend riicht sech u jiddwereen, deen de Mouvement méi wëll kënne léieren, sief et datt een dono och aktiv wéilt matschaffen, oder datt een sech einfach just op engem Owend wëll iwwert de Mouvement informéieren.

„Wenn viele kleine Leute an vielen kleinen Orten viele kleine Dinge tun, können sie das Gesicht der Welt verändern"

afrikanisches Sprichwort

3.

Méi Gréngs an den Uertschaften!

Queesch duerch d'Land wëlle mäer dëst Joer e Projet ronderëm den Thema "Méi Gréngs an eisen Uertschafte" lancéieren. Mäer erstelle gemeinsam Iddien, wat eng Gemeng maache kann a féieren a verschiddene Gemengen méi konkret Aktiounen duerch: dat vu Virschléi fir eng Begréngung vun ëffentleche Plazen, Stroossereim an neien "Cité'en", der Prioritéit fir einheimesch Planzenaarten, enger Fassadebegréngung, dem Verkaf vun insektefrëndleche Planzen bis vläit och däer enger oder aner méi "kreativ" Aktioun (z.B. "Stad-Guerilla") goen.

Et ass geduecht an enger 1.Phase en Aarbechtsgrupp ze maachen mat interesséierte Läit, déi sech 3-4 mol gesinn fir zesummen ze schwätzen wéi eng Themen eis besonnesch um Häerz leien a wéi eng Aktioune een kënnt maachen.

Hutt Dir Loscht mat Iddien fir sou eng Campagne mat ze entwéckelen? Iddien anzebréngen, wou ee kënnt usetzen fir Gemengen, Veräiner a BiergerInnen ze sensibiliséieren, aktiv ze ginn?

Oder Iech an Ärer Gemeng ze engagéieren, zesumme mat anere Leit vum Mouvement oder Bekannten?

Da sot eis Bescheed per e-mail meco@oeko.lu oder rufft un um 439030-1: mir mëllen ons da bei Iech, fir matzedeelen wéini eng 1.Reunioun ass.

Virkenntnisser sinn net noutwendeg, just Begeeschterung fir den Thema. Mir ginn vun 3 - 4 Reuniounen aus, déi innerhalb vun enger Rei Méint stattfanne géiwen.

4.

Nei Weeër goen - Ausléinen amplaz kafen

Viru ganz laange Joeren huet d'Regional Kanton Réiden vum Mouvement Ecologique als eng vun den éischten am Land en Häcksler verléint. Kuerz dono gouf dank der Stëftung Oekofonds den éischte Spullweenchen am Land ugeschaaft a verlount. Haut hunn déi Iddien hire Wee gemaach…

D'Iddi vum "Ausléinen" amplaz vum "Kafen" steet haut méi am Fokus wéi jee als ee Pilier vun enger neier Economie. Stëchwieder sinn: sozial Kontakter a senger Noperschaft aus-/opbauen, Ressourceschutz a villes méi.

De Mouvement schafft un engem konkrete Projet an deem Beräich, deen fir d'Oekofoire virgestallt soll ginn. Sidd Dir virwëtzeg ginn? Hutt Dir Loscht mat de Projet ze entwéckelen? Da mellt Iech: meco@oeko.lu oder rufft un um 439030-1.

Dëse Projet riicht sech un all Leit, wou Loscht hun ze iwerleeën, wéi des Atkioun genau kéint ausgesinn (wéi genau soll de Projet ausgesinn? wien welle mäer wéi uschwätzen (Gemengen? Quartier's- an Duerf-Veraïner? Eenzel BiergerInnen?). D'Plange vum Projet soll fir d'Oekofoire ofgeschloss ginn (3-4 Réuniounen) Virkenntnisser si net noutwendeg.

5.

Dossier Flughafen - wéi geet et weider?

Am Ablack schafft d'Regierung u neien Aktiounspläng géint de Kaméidi am Dossier Flughafen. Ma nach ëmmer huet de Findel net di noutwendeg Betriebsgenehmegung a vill Froe stinn am Raum : d'Zuel vun de Nuetsflich ass nach ëmmer immens héich… wat ass dervun ze halen – wéi soll ee reagéieren ? D'Subside wou d'Leit kréien fir hier Fënsteren / Dag ze isoléieren, ginn déi duer ? Wéi ass et mat der Loftbelaaschtung ? Wéi reagéieren, well de Flughafen nach ëmmer keng Kommodos-Genehmegung huet?

D'Regionale Syrdall an Stad Lëtzebuerg wëllen erëm méi aktiv ginn am Dossier, ma brauchen duerfir och d'Ënnerstëtzung vun de Leit wou an de betraffene Géigende wunnen. Hutt Dir Interessi? Dat mellt Iech un: meco@oeko.lu oder rufft un um 439030-1.

Dëse Projet riicht sech virun allem u Leit aus de betraffene Gemengen vum Flughafen (Quartier'en vun der Stad, Uertschaften an de Flugschneisen…), déi mat Aktioune vum Mouvement Ecologique plange wëllen, virun allem och elo wann déi Aktiounspläng zur Diskussioun gestallt ginn.. Virkënntnisser si net noutwendeg.Et si wahrscheinlech 3-4 Réuniounen an dem nächsten hallwe Joër.